piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/03/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.

Mir ass ee Fall zougedroe ginn, wou am Joer 2022 an 2023 een Direkter vun engem Gemengesyndikat jeeweils 500 Stonne vu sengem Zäitspuerkont (Compte épargne-temps; CET) ausbezuelt krut, also am Ganze ronn 1000 Stonnen.

Laut dem Artikel 9 vum Gesetz vum 1ten August 2018 portant fixation des conditions et modalités d'un compte épargne-temps dans la Fonction publique kënnen dës Stonnen nëmmen ausbezuelt ginn am Fall vun enger "cessation des fonctions", wat hei net de Fall war.

Den Département du contrôle de la Comptabilité communale am Inneministère huet dëst och a senge Rapporten esou fest gehalen, dass d'Virgoensweis falsch ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, datt dës Ausbezuelunge gemaach goufen?
   Falls jo, op wéi enger gesetzlecher Basis ass dës geschitt, wa keng Cessation des fonctions virloung an ass dës Virgoensweis konform mam Artikel 9 vum CET?

2. Wäert de Staat d'Suen, déi hei ausbezuelt goufen zeréck froen, wann d'Ausbezuelungen net konform waren?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Wat sinn d'Konsequenzen fir ee Gemengesyndikat, wann den Contrôle financier vum Inneministère Feehleren oder Irregularitéiten feststellt? Hunn dës Feststellungen iergendee legale Wäert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés